piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 24te Juli 2025 relative au traitement des données de mobilité gouf ee gesetzleche Kader geschaf fir massiv Daten zur Mobilitéit am Land kënnen z'erhiewen. Wéi virgule.lu an engem Artikel vum 5te Februar 2025 richteg schreift:

*"L'observatoire digital de la mobilité, en recueillant les données numériques disponibles, pourrait s'avérer un atout pour résoudre la crise de la mobilité. Mais aussi un risque pour la protection des données personnelles."*

D'Donnéeë vu ville Passagéier a Verkeiersdeelhueler wäerten an enger Datebank gespäichert ginn an dës Donnéeë musse gutt geschützt virun Ugrëff an technesche Faillë sinn. D'Mobilitéitsminister ass dem Gesetz no responsabel de Traitement vun der Datebank.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Verwaltunge beim Staat këmmeren sech ëm d'Gestioun vun der Datebank?
2. Wéi eng net-staatlech Entwéckler an Organisatiounen hunn een Zougank zu der Datebank oder den Donnéeën an der Datebank?
3. Wéi eng Serveren ginn fir d'Datebank genotzt a wou befannen sech dës Serveren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc

Deputéierten